N°3936

Lëtzebuerg, de 25. Mäerz 2021

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Monsieur Fernand ETGEN
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 08:41, 25/03/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Inneministesch an un d'Madamm Kulturministesch:

*„Viru Kuerzem sinn ech op e Problem opmierksam gemeet ginn, datt mobille Patrimoine aus deene rezent desakraliséierte Kierchen a Kapellen verschwënnt. Dës Gotteshaiser si meeschtens just iwwer de PAG vun de Gemenge geschützt an de Service des sites et monuments huet deemno keen Afloss op d'Erhale vum mobille Patrimoine.*

*De Mobiliar kann am Besëtz vum Kierchefong bleiwen. Wann d'Gemeng no der Desakraliséierung gären hätt, datt d'Kierch eidel geraumt gëtt, respektéiert de Fong dee Wonsch. Ewéi et mir zougedroe gouf, kucken déi Verantwortlech vum Fong dann, wat si vum Mobilier nach kënnen anerwäerteg gebrauchen, an de Rescht géif versteet ginn.*

*An deem Kontext wollt ech der Madamm Inneministesch an der Madamm Kulturministesch folgend Froe stellen:*

1. *Kënnen déi zoustänneg Ministere bestätegen, datt de Mobiliar, deen de Kierchefong net méi brauch, versteet gëtt?*
2. *Wa jo, wier et net eventuell ubruecht d'Gesetz a besonnesch den Artikel 13 am Sënn ze änneren, datt den historesche Mobiliar zu der Kierch gehéiert an och no der Desakraliséierung muss an der Kierch erhale bleiwen, wann dëse vun historeschem Wäert ass an d'Miwwel u sech zesumme mam Héichaltor an anere Miwwel oder immobille Géigestänn ee kulturhistoresch wäertvollen Ensembel bilden?*
3. *Kéint d'Madamm Kulturministesch sech an deem Fall och eng méi enk Zesummenaarbecht mam Service des sites et monuments virstellen?*

4. *Wéi geséich an deem Fall d'Responsabilitéit vun de Gemengen aus?*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 27 AVR. 2021

Réf. : 837xfd9e2

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3936 du 25 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3936 du 25 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler au sujet d'églises désacralisées, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 3936

139-000050-20090730-FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Madame Kulturministesch, Sam Tanson, a vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 3936 vum 25. Mäerz 2021 vum Här Deputéierten André Bauler zum Sujet "Églises désacralisées"**

D'Regierung huet keng Kenntnis vu Steeën, wou de Mobiliar vum Kierchefong versteet géif ginn.

An dësem Kontext sief rappeléiert, datt déi aktuell Gesetzgebung iwwert den Denkmalschutz virgesäit, datt mobil Objeten (Miwwelen oder „immeubles par destination") kënnen als monument national klasséiert ginn. Aktuell ass den Interieur vun 21 Kierche geschützt. An Zukunft wäerten esou och nach weider Kierche mat hirem Mobiliar protegéiert ginn.

Mat dem projet de loi relatif au patrimoine culturel (dossier parlementaire 7473) sollen d'Konditiounen an Demarchen, wat den Denkmalschutz vum mobille Patrimoine ugeet, nach emol verdäitlecht ginn. D'Prozedure gi vereinfacht, an déi mobil Objeten, déi fir den Denkmalschutz a Fro kommen, gi kloer identifizéiert. Esou ass zum Beispill virgesinn, datt Objeten, déi op wichteg Aspekter vun der Geschicht oder vun der Konschtgeschicht vum Grand-Duché hiweisen, klasséiert kënne ginn, notamment op Demande vun de Gemengen. Zousätzlech gi mam projet de loi Subventiounen agefouert, am Kader vun deenen d'Restauratiouns- oder Konservatiounsaarbechte vum geschützte Patrimoine mobilier bis zu 50 % kënne finanzéiert ginn.